# EIS GEMENG RËMELENG

Bulletin d'information trimestriel édité par le collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange




N°3 | 2016

STAD : RËMELENG

# Inhaltsverzeichnis ■ Sommaire


| | |
|---|---|
| Erratum | 04 |
| D'Sportshal krut een neie Parquet | 05 |
| Konveniat vun de Siwwenzegjäregen / *Retrouvailles des septuagénaires* | 06 |
| Konveniat vun de Siechzegjäregen / *Retrouvailles des sexagénaires* | 07 |
| Rentnerfeier 2016 / *Fête des retraités 2016* | 08 |
| Dag vum Boam 2016 / *Journée de l'arbre 2016* | 10 |
| Konveniat vun de Fofzegjäregen / *Retrouvailles des quinquagénaires* | 12 |
| Konveniat vum Joergank 1941 / *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1941* | 13 |
| Boarbelendag 2016 | 14 |
| Konveniat vum Joergank 1960 / *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1960* | 16 |
| Konveniat vum Joergank 1961 / *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1961* | 17 |
| Nationale Commemoratiounsdag 2016 | 18 |
| Chrëschtmoart 2016 | 20 |
| E Feiermelder fir all Schüler vum Zyklus 2.1 / *Remise de détecteurs de fumée* | 22 |
| Exposition «L'art des rêves» | 23 |


IMPRESSUM


**Éditeur responsable:** Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
**Rédaction:** Commission pour l'information publique et pour la presse
**Photo couverture:** Charel Schütz
**Conception et layout:** F'CREA TIONS






PHOTOS: Charel SCHÜTZ























PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Erratum

Cher lecteur,
Une erreur s'étant malencontreusement glissée dans le **Relevé des étudiant(e)s respectivement élèves ayant droit à un subside scolaire pour l'année 2014-2015** publié dans notre bulletin «Eis Gemeng 2/2016» sous l'intitulé **«Fin d'études secondaires»** à la page 08, vous voudrez bien trouver ci-joint le texte corrigé destiné à remplacer le précédent:

## Fin d'études secondaires

| | | |
|---|---|---|
| Bahtijari Begzada | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Covita Ascensao Patrice | Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette | FES |
| Franco Emilie | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Frank Claire | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Gales Kenia | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Ivesic Caroline | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Müller Sam | Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette | FES |
| Rodrigues Antunes Dylan | Lycée Hubert Clément, Esch-sur-Alzette | FES |
| Schwaller Glenn | Lycée de Garçons d'Esch-sur-Alzette | FES |



PHOTO: Jessica BATISTA

# D'Sportshal krut een neie Parquet

1989 sinn am Keeldall 2 Sporthale gebaut ginn, eng zu Keel an eng zu Rëmeleng. Dës nei Infrastrukturen hu gutt 4 Milliounen Euro kascht a konnten deemools nëmme realiséiert ginn, well de Staat mat 75 % agesprongen ass. Elo, 25 Joer derno, hunn déi 2 Halen en neie supermodernen Holzbuedembelag kritt, deen den internationale Normen absolut entsprécht. No der Keeler Sportshal am Joer 2015, huet dëst Joer och déi Rëmelenger Hal een neie Parquet kritt.

A Presenz vum Innenminister Dan Kersch, deen de Sportsminister Romain Schneider vertrueden huet, a vun deenen zwee Buergermeeschteren aus dem Keeldall, Henri Haine a John Lorent, ass deen neie Belag offiziell a Betrib geholl ginn.

Dobäi huet den Henri Haine net vergiess ze ernimmen, datt déi 2 Halen dernieft och nach un déi neitste Sécherheetsnormen ugepasst goufen. 1,2 Milliounen Euro goufen am ganze fir déi zwou Halen investéiert, dovun 556 000 Euro alléng fir déi Rëmelenger Hal. Positiv iwwerrascht woar een natierlech, wéi de Minister matgedeelt huet, datt de Staat 25 % vum Gesamtbetrag vun de Käschten iwwerhuele géif.

Als Ofschloss vun dëser klenger Feier hunn d'Éiregäscht e 7m-Worf probéiert an d'Jugendmannschaft vum HB Espérance Rëmeleng huet mat engem Aweiungsmatch d'Hal a Betrib geholl.




















PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Konveniat vun de Siwwenzegjäregen

# *Retrouvailles des septuagénaires*

E Samschdeg, den 22. Oktober 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus en Empfank ginn fir de Konveniat vun de Siwwenzegjäregen.

*Samedi, le 22 octobre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des septuagénaires.*



**3. a 4. Rei:**
Felix KIRSCH, Gemengerot André THEISEN, Rony CHARPANTIER, René RISCH, Edmée LORENT, Renée MAURER, Monique WOLFF, Mario SPIRINELLI, Jos MOLITOR, Maisy MALEK, Jean RAACH, René KLEIN, Robert KRAWZYK, Gaston BRIMAIRE

**2. Rei:**
Nicolas STEINMETZ, Antoinette GLODT, Marianne MOLITOR, Andrée KIHN, Sylvie CLASSEN, Georgette HENDEL, Lotty REIFFERS, Annette HENDEL, Gemengerot Edmond PEIFFER

**1. Rei:**
Gemengerot Carole MARX, Buergermeeschter Henri HAINE, Schäffin Viviane BIASINI, Luss WOLFF, Marie-Louise NICLOU, Jos LUDES





PHOTOS: René SCHO

# Konveniat vun de Siechzegjäregen

# *Retrouvailles des sexagénaires*

E Samschdeg, den 1. Oktober 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus en Empfank ginn fir de Konveniat vun de Siechzegjäregen.

*Samedi, le 1er octobre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des sexagénaires.*



**3. Rei:**
Marco RISCH, Josiane TERZER, Lydia WEBER, Jean WEINANDT, Eugène KALMUS, Rafaelo PAOLETTI, Claude DURY, Robert MITTEN, Alain GIOMBETTI, Gemengerot Edmond PEIFFER, Julien CHARPANTIER, Daniel SCHMIT, Jean KIHN, Gemengerot André THEISEN

**2. Rei:**
Martine WAGNER, Denise WILHELMUS, Gaby FABER, Sonja MASSARD, Marlyse SARTORIUS, Carmen ROHMANN, Nadia KAUFFMANN, Eugénie GAUDIN, Karin PAULY, Viviane MINELLI, Monique WÜRTH, Adriana TARSI, Marco ERPELDING, René WELTER

**1. Rei:**
Gemengerot Francine LANG-LAUX, Joël SKOPOSKI, Emmanuel ELSEN, Gemengerot Gérard JEITZ, Buergermeeschter Henri HAINE, Schäffe Guy KIRSCH, Jean-Claude HACK, Berthe ZWANK, Claudine GOEDERT, Marie-Claude PIGNOLO, Antoinette TERZER, Marie-Jeanne BAUM







PHOTOS: René SCHO

# Rentnerfeier 2016

# *Fête des retraités 2016*

Den Donneschdeg, 6. Oktober haten de Schäfferot an de Gemengerot vun der Stad Rëmeleng all d'Renterinnen a Rentner op d'Rentnerfeier 2016 agelueden.

Fir Musek a Stëmmung huet den Orchester «De Klimperhari» gesuergt.

*Jeudi, le 6 octobre 2016, le Collège échevinal et le Conseil communal de la Ville de Rumelange avaient invité tous les retraités à la Fête des retraités 2016.*

*Musique et ambiance avec l'orchestre «De Klimperhari».*



RENTNERFEIER 2016

Donneschdes, de 6ten Oktober 2016 • Ufank um 15.00 Auer

De Schäffen- a Gemengerot vun der Stad Rëmeleng lueden all Rentner ganz häerzlech op

**d'Rentnerfeier 2016** an.

Donneschdes, de 6ten Oktober 2016
Ufank um 15.00 Auer an der Rëmelenger Sportshal an der Märtyrerstrooss.

Musek a Stëmmung mam: Orchester ✶ **De Klimperhari** ✶

Heimat mellen ech, *(Numm a Virnumm)* ..........
mech fir d'Rentnerfeier 2016 un.
Ech kommen ☐ eleng ☐ zu zwee

**UMELDUNG OBLIGATORESCH**

Gitt des Souche virum 25. September 2016
op der Gemeng am Secrétariat um 1. Stack of.
Merci. De Schäfferot.

STAD RËMELENG

















PHOTOS: Charel SCHÜTZ











PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Ee Boam als Symbol fir e laangt Liewen

Um „Dag vum Boam“ 2016 gouf den 12. November am Rëmelenger Park niewent dem Fussballsterrain eng Wanterlann (tilia cordata – Winterlinde) ugeplanzt, als Symbol fir d'Zukunft vun de 56 Kanner, déi am Joer 2015 an der Stad vum Roude Fiels op d'Welt komm sinn.

Dës Lann, de Boam vum Joer 2016, ass e laangliewege Boam (bis zu 500 Joer), deen 20 bis 30 Meter héich ka ginn.

Wéi déi Jore virdrun huet eis Gemengeverwaltung op der Plaz all Elteren a Kanner, déi bei dëser Manifestatioun derbäi woaren, op e Patt an eng Grillwurscht invitéiert.

# *Un arbre comme symbole de la longévité*

*Lors de la „Journée de l'Arbre“ 2016 un Tilleul à Petites Feuilles (tilia cordata) a été planté au parc municipal derrière le stade de football. Cette action symbolise l'avenir des 56 enfants nés en 2015 dans notre commune.*

*Le Tilleul à Petites Feuilles, l'arbre de l'année 2016, est un arbre dont la longévité est élevée (jusqu'à 500 ans) peut atteindre entre 20 et 30 mètres de hauteur.*

*Cette petite action sympathique, devenue entretemps une tradition, a été clôturée sur place par une réception de tous les parents présents avec leurs enfants.*



**Nimm vun de 56 Kanner:** ***Noms des 56 enfants:***

| | |
|---|---|
| ADROVIC | Medina |
| AJDARPASIC | Elmin |
| ALVES DOMINGUES | Diego |
| BISCARO MOTTA | Maya |
| CAPELA DIAS | Leonor |
| CARVALHO FETEIRA | Gabriel |
| CASIMIRO SOARES | Lenny |
| CELEBIC | Ahmed |
| CHENRIM DE SOUSA | Martim |
| CUEVA | Louisa Valentina |
| CUNHA DA COSTA | Matilde |
| DA SILVA ESTERLE | Elias |
| DA SILVA FERREIRA | Bryan |
| DJIOSSI LACMEU | Joyce Kopgang |
| DOS REIS DA SILVA | Raphael |
| EVANGELISTI | Olivia |
| FERREIRA CUSTÓDIO | Davi Santiago |
| FLOQUET | Hélène Louise Annie |
| FONSECA BARBOSA | Ivan |
| GENGLER | Wesley |
| HEIDERSCHEID | Emma |
| HOURSCHT | Justin |
| KERSCHEN PETERS | Ciela |
| LADHIBI | Delya |
| LEZIAR | Younes |
| LIMA DE CASTRO | Eliane |
| LIN | Lisa |
| LUISI SESAY | Hannah |
| MEHOVIC | Ariana |
| MOTA MONTEIRO | Léo |
| MUHOVIC | Kenan |
| MUHOVIĆ | Lina |
| NETO DOS SANTOS | Enzo |
| NEUENSEN | Nora |

PHOTOS: Charel SCHÜTZ








| | | | |
|---|---|---|---|
| PANTOJA MARINHO | Bianca | SAMBENTO FERREIRA | Rodrigo |
| PEIFFER | Dayne | SANTIAGO ALVES | Kenzy |
| PEREIRA LOURENÇO | Isaac | SCHMIDT RIBEIRO | Emma |
| PIGNOLO LOPES | Serena | SABASTIÃO MEIRELES | Viviane Maya |
| PINHEIRO ALMEIDA | Edward | SILVA PEREIRA | Marie Jeanne |
| RASTODER | Melina | SIMÕES PIMENTEL | Lucas |
| RITO MARTINS | Alicia | SINANOVIC | Lamia |
| ROHMANN | Liam | SKENDEROVIC | Din |
| ROTH PEREIRA | Layana Joy | TARANIS | Imran |
| SABANOVIC | Almedina | TOLLARDO MARQUES | Mélanie |
| SACRAS | Teo | VARANDAS MARQUES | Francisca |








PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Konveniat vun de Fofzegjäregen

# *Retrouvailles des quinquagénaires*

E Samschdeg, den 8. Oktober 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus eng Receptioun ginn fir de Konveniat vun de Fofzegjäregen.

*Samedi, le 8 octobre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des quinquagénaires.*



**3. Rei:**
Dario BALLANTI, Simone KÜHLER, Stéphania MARCHEGGIANI, Antoinette AIROLDI, Yves JUCHEMES, Gemengerot Gérard JEITZ, Claude HERMES, Cyril SCHLÜTER, Gemengerot André THEISEN

**2. Rei:**
Gemengerot Francine LANG-LAUX, Simone THEIN, Inès FUMANTI, Diane ZANON, Nadia FUMANTI, Chantal FRANTZ, Yasmine JOPA, Claudine HEIL, Diane ANASTASIA

**1. Rei:**
Romaine PETERS, Schäffin Viviane BIASINI, Monique METZLER, Buergermeeschter Henri HAINE, Carole MARX, Esther BRISCOLINI, Schäffe Guy KIRSCH












PHOTOS: René SCHO

# Konveniat vum Joergank 1941

# *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1941*

E Samschdeg, den 1. Oktober 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus eng Receptioun ginn fir déi Meedercher a Jongen, déi 1941 op d'Welt koumen.

*Samedi, le 1er octobre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des filles et garçons nés en 1941.*



**2. Rei:**
Gemengerot LANG-LAUX Francine, GENGLER Fritz, GERSON Anni, KOULLEN Bub, WILMES Théa, MÜLLER Nelli, DELOGE Gerti, GLODT Fränz, Gemengerot JEITZ Gérard, Gemengerot PEIFFER Edmond, THEIS Alphonse, SCHRANTZ Ilona, Gemengerot THEISEN André

**1. Rei**
Gemengerot HEIL Marco, CLEMENT Josée, Buergermeeschter HAINE Henri, FRANTZEN Edmond, BAUSCH Eugène, Schäffe KIRSCH Guy, LORENZ Nita









PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Boarbelendag 2016

Den 27. November 1981 gouf mat dem Déifferdanger „Thillebierg“ déi lescht Lëtzebuerger Grouf definitiv zougemaach. Dat huet awer net bedeit, datt och de „Boarbelendag“ géif aus dem Kalenner verschwannen, ganz am Géigendeel, nach haut gëtt de 4. Dezember, de Feierdag vun de Biergleit, a ville Südgemenge gefeiert.

Da gëtt op en Neits un all déi Biergaarbechter geduecht, déi mat hirem Asaz - meeschtens ënner ganz schwéiere Konditiounen - zum Wuel vum Land bäigedroen hunn.

Eng ganz Rei Veräiner a Bierger haten sech deen Dag nees Zäit geholl, fir dobäi ze sinn an esou dës Traditioun weiderliewen ze loossen.

Um 9.30 Auer goung et am Cortège vun der Parkstrooss aus duerch d’Groussstrooss, den Heedterwee erop bis bei de Musée des Mines.





Virum Monument vun de Mineuren woar eng Gedenkzeremonie mat Néierleeë vun enger Gerbe a mat engem Zwëschespill vun der Harmonie Municipale an der Chorale Ste Cécile.

Duerno huet de Paschtouer Jean-Pierre Reiners an der Galerie vum Musée des Mines eng Mass gehalen.

Den traditionellen Éierewäin fir all d’Participantë gouf am Centre Culturel offréiert, wou de Buergermeeschter Henri Haine eng Ried gehalen huet.

Mat engem Mëttegiessen zesummen an nach e puer geselleger Stonnen ass d’Feier dunn zu Enn gaangen.











PHOTOS: René SCHO













PHOTOS: René SCHO

# Konveniat vum Joergank 1960

# *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1960*

E Freideg, den 25. November 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus en Empfank ginn fir de Konveniat vun de Meedercher a Jongen vum Joergank 1960.

*Vendredi, le 25 novembre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des filles et garçons nés en 1960.*



**Lescht Rei:**
Marc KIEFFER, Romain HEINZ, Patrick HOFFMANN, Carla PERLIC, Norbert SCHNADT, Gemengerot André THEISEN

**2. an 3. Rei:**
Berto MERLI, Karin FABER, Sandro URSO, Rosanna DIANDA, Doris ARENDT, Raoul ANDRIOLO, Nicole CHEKOR, Catherine DUREN, Serge ULMERICH, Antonietta ROSSI, Gemengerot Gérard JEITZ, Gemengerot Francine LANG-LAUX, Gemengerot Carole MARX

**1. Rei:**
Gemengerot Edmond PEIFFER, Désirée MARX, Ginette BIASINI, Schäffin Viviane BIASINI, Buergermeeschter Henri HAINE, Guy KIRSCH, Laura SPIRINELLI, Jean WEILER








PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Konveniat vum Joergank 1961

# *Retrouvailles des filles et garçons nés en 1961*

E Samschdeg, den 26. November 2016 huet d'Gemeng am Festsall vum Stadhaus en Empfank ginn fir de Konveniat vun de Meedercher a Jongen vum Joergank 1961.

*Samedi, le 26 novembre 2016 la Municipalité a offert une réception dans la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville à l'occasion des retrouvailles des filles et garçons nés en 1961.*




**Lescht Rei:**
Jeff LORENZ, Rita ACHTEN, Sandro DE CECCO, Georges ACHTEN, Jean-Claude AIROLDI

**2. an 3. Rei:**
Gemengerot André Theisen, Simone ZECHES, Pascale THEIS, Josette SCHMIT, Sylvie WAMPACH, Renée WEILER, Paul ZIMMERMANN, Monique THILL, Jean-Jacques SCHMIT, Gemengerot Edmond PEIFFER,

**1. Rei:**
Schäffe Guy KIRSCH, Buergermeeschter Henri HAINE, Viviane BIASINI, Gemengerot Gérard JEITZ, Gino PIPAN








PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Nationale Commemoratiounsdag 2016

**Sonndeg, den 9. Oktober 2016**

Den **10. Oktober 1941** hat de Chef vun der däitscher Zivilverwaltung (CDZ) hei zu Lëtzebuerg, de Gauleiter Gustav Simon, eng Vollekszielung (Personenstandsaufnahme) organiséiert. Bei där Geleeënheet woar och nach e Formelär mat 11 Froen auszefëllen. Dorënner verstoppt woaren dräi entscheedend Froen iwwer d' Mammesprooch, déi ethnesch Origine an déi national Zougehéieregkeet vun de Lëtzebuerger.
Dës Froen woaren esou formuléiert, dass d'Leit bal net anescht konnten, wéi sech fir déi däitsch Zougehéieregkeet ze entscheeden.
Mä déi Lëtzebuerger Resistenz hat de Präisen e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Si konnt duerch eng heemlech Propaganda déi meescht Leit dozou beweegen, mat „3x Lëtzebuerg" op déi ominéis Froen ze äntweren. Et woar dat déi éischte Kéier, dass d'Resistenz e Sig iwwer den däitschen Okkupant feiere konnt. D' Vollekszielung gouf annuléiert. Vun deem Dag un huet de repressiven Terror géint eis Bevëlkerung massiv zougeholl.

All Joer gëtt aus deem Gronn den Nationale Commemoratiounsdag zur Erënnerung un de Kampf konsakréiert, deen d'Lëtzebuerger Vollek géint den däitschen Ënnerdrécker während der Besatzungszäit 1940-1945 gefouert huet.



Och bei eis hei zu Rëmeleng gëtt dësen Dag markéiert duerch eng Festlechkeet mat dësem Programm:

**um 11:00 Auer:**

- Versammlung virum Monument aux Morts am Park;

- Ëmzuch duerch d'Grousstrooss bis bei d'Stadhaus ;

- Éirewäin, offréiert vun der Gemeng un all d'Participanten;

*Le **10 octobre 1941**, le chef de l'administration civile (CDZ) au Luxembourg, le Gauleiter Gustav Simon, organisa un **recensement de la population**, la Personenstandsaufnahme.*
*Il y fit rajouter un formulaire qui confronta les Luxembourgeois à trois questions décisives, à savoir leur langue maternelle, leur origine ethnique et leur appartenance nationale, cachées parmi onze questions diverses.*
*Elles furent sans doute formulées de façon à ce que les Luxembourgeois fussent amenés à faire une profession de foi pro-allemande.*
*Encouragés par une propagande clandestine de la Résistance prônant le slogan «3x Lëtzebuerg», la majorité des citoyens suivit l'appel et répondit à ces trois questions en Luxembourgeois. Pour la première fois la Résistance remporta une victoire face à l'occupant qui annula le recensement. A partir de ce jour, la terreur répressive contre la population s'amplifia.*

*Chaque année vers la mi-octobre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, appuyé par les mouvements patriotiques, organise de ce fait une journée commémorative nationale.*





*La Journée de la Commémoration Nationale à Rumelange a été célébrée le dimanche, 9 octobre 2016.*
*Comme les années passées le programme de cette festivité a été le suivant:*

***à 11:00 heures:***

- *Réunion devant le monument aux Morts au parc municipal;*

- *Cortège vers l'Hôtel de ville en passant par la Grand-rue;*

- *Vin d'honneur offert par la Municipalité aux participants des groupes de résistants, des notabilités de notre ville, des associations et clubs locaux.*





PHOTOS: Charel SCHÜTZ


















PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# Chrëschtmoart 2016

**vum 4. bis 6. Dezember**

Déi 7. Editioun vum Chrëschtmoart, dee vun der Gemeng an Zesummenoarbecht mat de Geschäftsleit an de lokale Veräiner organiséiert gëtt, woar nees eng Kéier e groussen Erfolleg.

Ronderëm de Chrëschtboam an der Mëtt vun der Moartplaz hunn déi sëlleche Chalete vill Visiteuren ugezunn, déi eng flott Chrëschtdagsstëmmung erliewe konnten an d'Méiglechkeet kruten nach e Chrëschtcadeau ze koafen. Dernieft hunn eis lokal Veräiner dofir gesuergt, dass keen hongreg an duuschtereg heemgaangen ass.

De Programm vum Chrëschtmoart 2016 huet sech weise gelooss:

Sou huet Freides, den 2. Dezember, déi Rëmelenger Musek ee Concert zum Beschte ginn an duerno woar et um Pascal Muller, fir Stëmmung ënnert d'Leit ze bréngen.

Samsches nomëttes ass géint 15.30 Auer de Kleeschen mat der CFL-Damplokomotiv 5519 op der Gare ukomm. Vill Kanner an Erwuessener haten sech op de Wee gemaach, fir deen hellege Mann ze empfänken. Mat flotte Niklosmelodien vun eiser Stadmusek ass et am Cortège duerch d'Groussstrooss bis op d'Moartplaz gaangen.
Um 19.00 Auer woar et dann den Optrëtt vun de „LOMPEKRÉIMER".

E Sonndeg, de 4. Dezember, stoung um 16.00 Auer e Concert vum Kanner- a Jugendchouer „Minettsdäpp" um Programm, an um 17.00 Auer si „CHAKAS" opgetrueden.















PHOTOS: Charel SCHÜTZ













PHOTOS: Charel SCHÜTZ

# E Feiermelder fir all Schüler vum Zyklus 2.1

En Donneschdeg, den 6. Oktober 2016 huet de Schäfferot, an Zesummenoarbecht mat der Kommissioun vun der Famill an der Accessibilitéit an de Rëmelenger Pompjeeën, all Schüler vum Zyklus 2.1 aus der Grondschoul e Rauchmelder iwwerreecht.

Dës kleng Plastikbéks soll um Plafong vum Kand sengem Schlofzëmmer festgemaach ginn. Dee Rauchmelder läscht zwar kee Feier, mä reagéiert op gëftegen Damp. Mat engem Alarmsignal mécht hien d'Kand waakreg a kann him op dës Manéier d'Liewe retten. All Kand krut och e Flyer mat, fir d'Elteren iwwert d'Funktionéiere vun dësem nëtzlechen Apparat, ze informéieren a si eventuell unzereegen, och an hirem Schlofzëmmer esou ee Rauchmelder ze installéieren.

# *Remise de détecteurs de fumée*

*Jeudi, le 6 octobre 2016, le collège échevinal en collaboration avec la Commission de la famille et de l'accessibilité et les sapeurs-pompiers de la ville de Rumelange a remis des détecteurs de fumée aux élèves des classes du cycle 2.1 de notre école fondamentale.*

*Ce détecteur de fumée fixé au plafond de la chambre à coucher n'éteint pas le feu, mais il prévient de la présence de fumées toxiques en émettant un son strident qui réveille la personne dormante et peut lui sauver la vie. Outre le détecteur de fumée chaque enfant a eu un dépliant expliquant aux parents le mode d'emploi de l'appareil et les incitant à installer également un détecteur dans leur propre chambre à coucher.*















PHOTOS: René SCHO

# Exposition
# "L'art des rêves"

Le collège échevinal en collaboration avec la commission des sports et de la culture ont l'honneur de vous inviter à l'exposition:

## L'ART DES RÊVES

**présentée par les artistes:**

**MILLY GASPERI** peinture
**YVONNE WELSCHER** sculpture

**Centre Culturel à Rumelange**

VERNISSAGE DE L'EXPOSITION:

**Vendredi, le 25 novembre 2016**
**19.30 heures**

OUVERTURE DE L'EXPOSITION:

**Samedi, le 26 novembre 2016**
**de 15.00 à 18.30 heures**

**Dimanche, le 27 novembre 2016**
**de 11.00 à 18.00 heures**

STAD RËMELENG

















PHOTOS: Charel SCHÜTZ

F'CREA TIONS

www.rumelange.lu

STAD RËMELENG